



Seul le discours prononcé fait foi

Fête nationale 2017

Cérémonie officielle à la Philharmonie Luxembourg

Discours du président de la Chambre des députés,

Mars Di Bartolomeo

Altesses Royales,
Här Statsminister,
Kolleginnen a Kolleegeen aus der Chamber an der Regierung,
Exzellenzen,
Dir Dammen an Dir Hären,
Léif Matbiergerinnen a Matbierger,

Virun e puer Woche war de President vum däitsche Bundestag, den Norbert Lammert, op Besuch zu Lëtzebuerg. Wéi mir mat him „The bitter years“, d’Ausstellung vum weltbekannte lëtzebuergesch-amerikanesche Fotograf, dem Edward Steichen, am Waassertuerm zu Diddeleng kucke waren, huet mech de folgende Saz vum Edward Steichen beandrockt.

Hie seet sënngeméiss: „Ech gleewen, datt et gutt ass, haut u batter Joren aus eiser Vergaangenheet erënnert ze ginn a se an d’Bewosstsinn vun den haitege Generatiounen ze bréngen, déi hir eege Problemer hunn, mä sech net bewosst sinn, mat wat fir enger Kraaft an Entschlossenheet hir Virgänger aus der grousser Depressioun an en neien Oproch iwwergaange sinn.“

De Steichen erënnert eis domat drun, datt mär en „Devoir de Mémoire“ hunn, mä net däerfen doran hänke bleiwen. Mir hunn eng Verflichtung, fir d’Zukunft zesumme mat deene jonke Generatiounen virzebereeden, déi mech ëmmer erëm mat hirer Spontanéitéit an hirem Können impressionnéieren, esou wéi elo dëser Deeg bei engem gemeinsame Projet tëscht Chamber a „Lycée des Arts et Métiers“.

Mär hunn dëst Joer zwee fir eist Land ganz wichteg Jubiläe gefeiert:

- 150 Joer Londoner Verträ, deene mär dat Lëtzebuerg vun haut an d’Visitt vun der Herzogin Kate verdanken. Mat de Londoner Verträ hu mär zwar eng Festung verluer, mä mär hunn en oppent Land ouni Mauere gewonnen.
- 60 Joer Verträ vu Roum, déi eis d’Europäesch Unioun bruecht hunn. Der Europäescher Gemeinschaft verdanke mär Fridden, Fräiheet, Demokratie an eng kaum fir méiglech gehale wirtschaftlech Entwécklung.

Fir eis ass dat haut selbstverständlech, eis Kanner hunn ni eppes anescht kannt. Anerer beneiden eis awer dofir a géife gär mat eis tauschen.

Richtig bewusst ginn, ass dat mär virun enger gudder Woch, wou mär als kleng Lëtzebuenger Chambersdelegatioun op offiziellem Besuch a Lettland waren.

Firwat ech grad vun där Visitt schwätzen? Ma well ech mengen, datt et sënnvoll ass, ze héieren, wéi anerer eis gesinn.

„Wat hutt Dir eng Chance“, soten eis Gesprächspartner, „Dir braucht keng Angscht méi ze hunn, datt e groussen Noper Iech géif bedroen. Dir sidd e Beispill fir en harmonescht Zesummeliewe vu villen Nationalitéiten. Är Ekonomie ass erfollegräich an Äre Sozialsystem generéis. Dir sidd e Virbild fir eis!“

Ech weess, datt elo Eenzeler mär wäerte soen, ech soll net mat deem Auslandsargument kommen, mär wäere schliisslech zu Lëtzebuerg an esou Vergläicher géifen näischt daachen.

Ech bleiwen awer derbäi, datt et wichteg ass, sech bewusst ze sinn, wou mär hierkommen an et gradesou wichteg ass, d'Realitéiten iwver eis Grenzen eraus ze kucken.

Dat dierft eis jo eigentlech net schwéierfale, well vill vun eis, meng Grousselteren och, vun do kommen. Déi vill verschidden Originellen gehéieren zu der Lëtzebuenger DNA, grad wéi an der Tëschenzäit déi net-Lëtzebuenger Nimm vu Buergermeeschteren, Ministeren a Chamberspresident.

Ech begréissen dofir och déi grouss Responsabilitéit, mat där d'Politik un d'Reform vum Nationalitéitegesetz erugaang ass, dat Ufank vum Joer mat enger grousser Majoritéit gestëmmt gouf, an dat zur Stärkung vun der Kohäsion hei am Land wäert bäidroen.

Altesses Royales,
Exzellenzen,
Dir Dammen an Dir Hären,

De Jubiläum vun de Verträge vu Roum huet eis drun erënnert, datt Europa deemools eng Äntwert op Krich, Diktatur an Nokrichsnout war.

Haut musse mär grad esou couragéiert Äntwerte wéi eis Virgänger op déi nei, déi haiteg Erausforderunge ginn.

Mär mussen eis den Ongläichheeten, Ongerechtegkeeten an Diskriminatioune stellen.

Mär däerfen dobäi net vergiessen, datt een, deem et net esou gutt - oder souguer schlecht - geet, deen u sech formidable Projet Europa net esou positiv gesäit, wéi een, deem et ganz gutt geet.

Mär müssen eis konkret Prioritéite ginn, déi no bei de Suerge vun eise Leit sinn, an déi solidaresch ugoen. Dobäi däerf kee vergiessen, datt Europa en Austausch vu Ginn a Kréien, also kee „sens unique“ ass.

Wat fir Europa gëllt, ass och fir eis net falsch. Mär müsse sensibel fir d'Suerge vun eise Leit bleiwen, däerfen et net zouloossen, datt eng Majoritéit eng Minoritéit ofhänkt.

Eng gutt Aarbecht, en Daach iwwert dem Kapp, eng Schoul fir d'Zukunft, eng universell Gesondheits- a Sozialversuergung an eng gerecht Verdeelung vun eisem Räichtum, müssen absolutt Prioritéit bleiwen, grad wéi den oppene Geescht an dat oppent Häerz fir déi, déi bei eis uklappen, well se an Nout sinn.

Altesses Royales,
Léif Éieregäscht,
Dir Dammen an Dir Hären,

Mär liewen an enger Zäit, wou d'Kommunikatioun omnipräsent ass, méi schnell an och oft méi iwwerflächlech a méi rau ginn ass.

Haut fënnt een a munchen Aussoen a verbalen Attacken oder Deviationsen - souguer an den héije Sphären - Elementer vu psychologescher Krichsféierung erëm.

Ech war ëmmer der Meenung, datt eppes, wat iwwerdriwwen oder exzessiv ass, bedeutungslos wier. Well awer verbal an iwwerstierzt geschriwwen oder gezwitschert Entgleisungen ëmmer méi zouhuelen, hunn ech meng Meenung geännert.

Esou „Stëmmen“ an „Stëmmungen“ müssen eeschtgeholl ginn an et muss een hinne widdersprieche. Wa rout Linnen iwwerschratt ginn, muss ee sech dogéint wieren, mat Argumenter, mat Determinatioun, mat enger gieler Kaart an, wann et si muss, mat enger roudere Kaart.

Et muss ee mam gudde Beispill virgoen, a besonnesch och als öffentlech Persounen op seng Ausdrucksweis uecht ginn. En nervöse Fanger kann e waakregt Gehir net ersetzen!
A wa mär scho bei der Kommunikatioun sinn, géif ech mär wënschen, datt mär deem ville Positiven, wat mär zesumme geleescht hunn, op d'mannst gradesou vill Bedeutung géife ginn, wéi deem manner Positiven, op dat mär nach Äntwerten ze liwweren hunn.
Am léifsten zesummen, an engem konstruktive Geescht.

Vive de Grand-Duc!
Vive déi groussherzoglech Famill!
Vive eist Land a vive Europa!